I-2016-O-M-502801 (2754)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Depot : Här Fernand Kartheiser

Débat sur la politique européenne et étrangère

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2017

1

# MOTIOUN

D'Chamber

stellt fest:

- datt d'Verhältnis vun der Tierkei mat eenzelnen europäesche Länner ugespaant ass;
- datt d'Situatioun an der Tierkei no den Evenementer vu 2016 sech net verbessert huet;
- datt d'Pressefräiheet drastesch ageschränkt bleiwt;
- datt d'Onofhängegkeet vun der Justiz an der Tierkei net garantéiert ass;
- datt déi tierkesch Regierungskräften, no eegenen Aussoen, dobäi sinn, e „Kampf bis zum Schluss" ze féiere géint déi kurdesch Minoritéit;
- datt den tierkesche President deklaréiert huet, d'Gesetzer iwwert den Terrorismus net ze revidéieren, obschonns dëst en Deel vum Accord mat der Europäescher Unioun iwwer d'Erliichterung bei de Visaen ass;
- datt vill Observateuren, an der Tierkei an an der Welt, fäerten, datt d'Tierkei vum Wee vun der parlamentarescher Demokratie ofkënnt, fir an de Präsidentialsystem oder esou guer an eng Diktatur ze rutschen;

Verlaangt:

- datt d'Regierung vum Europäeschem Conseil verlaangt, d'Bäitrëttsverhandlungen tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei definitiv ze stoppen;
- datt d'Regierung der Bedeitung vun der Tierkei fir Europa Rechnung dréit, andeems se sech dofir asetzt, datt dësem Land eng „privilegéiert Partnerschaft" ugebuede gëtt, dëst awer ouni Perspektiv fir e spéidere Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun.

F. Kartheiser